CTPL
Cercle des tireurs professionnels de Luxembourg

## WAFFENSCHÄIN – INFOS

Wat brauchs du fir Equipéiert ze sinn? Fir ze lancéiere sinn di 3 éischt Zeilen wichteg (Plus 2 Passfotoen a Certificat vun denger Haftflicht), dono dauert et 3-4 Méint bis de trainéiere kanns. Also hues de do vill Zäit dier déi Saache kennen ze organiséieren.

| | | |
|---|---|---|
| **200€** | Memberskaart CTPL | Nodeems di bezuelt ass geet et lass |
| **150€** | Accompte Armurerie | Accompte vun der Waff, sou ass d'Armurerie oofgesechert |
| **50€** | Timbre Permis | Bei all neier Waff déi op den Schäin kennt |
| **350€** | Restbetrag Waff | Deen Betrag ka variéieren, hänkt dovunner of wei den Acompte war a wei deier deng Waff ass (500€ fir eng Waff si Standard Preiser) |
| **15-200€** | Gehörschutz | Do gëtt et vu bis, ech empfeele MSA Sordin |
| **20€** | Schutzbrell | Do ginn et vill Méiglechkeeten, déi einfachst ass aus dem Baumaart |
| **20€** | Munitioun | Fir 1 Joer souwisou nëmmen 22lr (déi ass bëlleg) |
| **100€** | Waffenschaff/Safe | Muss kennen zougespaart ginn<br>Waff a Munitioun gi getrennt gelagert |
| **50€** | Munitiounsschaaf/Safe | Muss kennen zougespaart gi<br>Waff a Munitioun gi getrennt gelagert |
| **10€** | Schlass | Een einfacht Vorhängeschloss fir Poschen/Casen zouzespären |
| | Haftpflicht | À voir mat denger Assurance |
| **1020€** | **Total** | *Dat hei ass eng grob Rechnung déi bei jidderengem variéiert, et ass fir eng eventuell Iddi ze hunn* |

Nodeems du däi Waffeschäi geschéckt krus hues de nach eemol **3 Méint Zäit** deng Waff sichen ze goen. Op all Schéissstand hei a Lëtzebuerg muss een seng eegen Zilscheiwe matbréngen, wat Finanziell keng Hürd ass awer mat 30€ Euro ka gerechent ginn.

Nodeems deng Demande lancéiert ass kanns de domat rechnen dass Police dech kontaktéiert an eng Enquête lancéiert firwat dass du de Schäi wëlls maachen.

**CTPL – Cercle des Tireurs Professionnels de Luxembourg**
30, Kuelebierg
L-8522 Beckerich

**+352 621 669 827**
**info@ctpl.lu**